# Rapport Referees' Commission - 08.04.2025

Present : Geib, Keiffer F., Keiffer N., Kröpelin, Nesser, Volz, Weinquin, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Frieseisen, Simonelli

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 04.03.2025***

2) ***Formatioun***

- *De 5. Abrëll war eng Weiderbildung fir all d'Arbitter an der Maison des Sport déi gutt besicht war.*
- *Um FLH-Final4 ass eng Formatioun Samschdes moies an der Coque virgesinn. Hei ginn haaptsächlech Videoanalyse vun den Halleffinalle vun Donneschdes gemaacht. Och gëtt probéiert den Auteur vun der Masteraarbecht iwwert d'mentaler Gesondheet an dem Wuelbefanne vu Schidsriichter zu Lëtzebuerg anzelueden, fir den Arbitter e puer Detailer an Erklärungen heizou ze ginn.*
- *De Summerstage ass vum 23.-24. August 2025 zu Dummeldeng am Park Hotel. Dëse Stage ass fir all Arbitter. Interesséiert Arbitter musse sech bis de **15. Mee 2025** op assist@flh.lu umellen. De genee Programm steet nach net fest, ausser Erklärungen zu de neie Reegelen. D'RefCom probéiert och nach een EHF-Lekturer ze organiséieren, an d'Amicale këmmert sech nees em den Team-building.*
- *Fir d'Saison 2025-2026 ass geplangt d'Couren op Videoanalyse vu Matcher opzebauen, wou fir all Cours eng aner AXA-League Koppel gefrot wier.*

3) ***Examen – all Arbitter***

- *Déi 1. Seance vun Tester fir d'Saison 2025-2026 ass den 12. Juli 2025 vun 09h30 – 11hh30 um INS*
  - *09h15 Rendez-Vous*
  - *09h30 Laftest*
  - *10h30 Reegeltest*
  - *11h00 Opléisung vum Test*
- *Déi 2. Seance ass Freides den 22. August 2025 um INS (19h00 Laftest / 20h00 Reegeltest)*
- *Eng 3. a lescht Seance ass den 13. September 2025 um INS (09h30 Laftest / 10h30 Reegeltest*

*Et gouf och festgehalen d'Krittäre vun den Tester ze iwwerschaffen.*

4) ***Examen – divers***

- *Verschidden Exame fir C-Kandidaten si programméiert, a wäerten an den nächste Wochen ofgeholl ginn.*
- *Den Exame fir Delegué ass den 9. Abrëll 2025*

5) ***Internationales***

- *Éisträich: Fir d'Saison 2024-2025 ass et e bësse knapp fir den Austausch nach hin ze kréien. Den Denis Weinquin kuckt mat hinne fir dat awer Ufank 2025-2026 ze realiséieren.*
- *Dänemark: Mat der Hëllef vum CHEV Diekirch konnt do den Austausch lancéiert ginn. Eng Dänesch Koppel wäert um Boys-a Girlscup aktiv sinn. Am Austausch hu mir d'Offer krut fir 2 Turnéier an Dänemark an zwar den 13./14. an 20./21. September. Interesséiert Koppelen oder eenzel Arbitter kënne sech gäre beim Paul Nesser oder iwwer assist@flh.lu mellen. D'RefCom wäert och verschidde Koppelen uschwätzen.*
- *Belsch/Holland: Den Denis Weinquin kuck op een Austausch mat der Belsch an Holland méiglech ass*
- *Frankräich: Well net vill Arbitter un der Online-Formatioun vun de Fransouse matgemaacht hunn, gëtt déi elo net méi vun der RefCom relancéiert.*

6) ***Lëtzebuerger Arbitter am Ausland***

*D'RefCom wëll an dem Kontext nach eng Kéier drop hiweisen, dass all offiziellen Asaz vu Lëtzebuerger Arbitter (d.h.: an der Tenue vun der FLH, oder wou den Numm vun der FLH gebraucht gëtt), muss vun der RefCom ofgeseent ginn. Et ass net erlaabt ouni de Accord vun der RefCom am Numm oder an der Tenue vun der FLH am Ausland ze päifen.*

7) ***Buzzer***

*Bei e puer Veräiner ass de Buzzer schonn am Asaz an huet generell gutt funktionéiert. E puer Kannerkrankheete mussen nach gekuckt ginn, an déi verschidde Bedeelegt mussen sech nach dru gewinnen. Allgemeng gëtt de Buzzer awer als gutt Saach ugesinn.*
*D'RefCom wëll hei d'Delegué an d'Arbitter drop hiweisen, dass si virum Match de Buzzer mat de Mannschaftsverantwortlechen diskutéieren an se kuerz un d'Reegelen erënneren. Bei Froe kënnt dir iech gären um 485474 mellen.*
*Fir den FLH Final4 ginn d'Detailer an der technescher Sëtzung beschwat.*

8) ***Kleeder fir Arbitter***

*Nei Kleeder (1 Polo, 1 T-Shirt + 1 Pullover) fir all Arbitter si bestallt. Arbitter wou d'Gréisste geännert hunn, sollen sech direkt beim Francis Keiffer mellen. Ab nächster Saison mussen dës Kleeder fir op d'Matcher, ugedoe gi.*
*Arbitter déi nei Strëmp brauchen, sollen sech um 485474 oder per mail op assit@flh.lu melle fir e Rendez-vous auszemaachen. Dëst gëllt bis dass de Stock eidel ass.*

9) ***Sportshaal John Scheuren Oberkorn***

*D'RefCom krut mat, dass an nächster Zeit nees Handballsmatcher zu Uewerkuer sinn. Hei wollt RefCom drop hiweisen, dass déi Hal virum 1. offizielle Macht nach muss ofgeholl ginn. Déi Responsabel sollen sech heifir beim Francis Keiffer mellen.*

10) ***Intern an extern Kommunikatioun***

*D'RefCom informéiert hier Member, dass d'Diskussioune vun der Kommissioun solle confidentiel bleiwen. An dem Kontext ass och d'Fro opkomm, wéisou den Directeur administrativ an der Email-Verdeeler Lescht vun der RefCom steet*

11) ***Joresofschloss Amicale***
*D'Amicale vun den Arbitter deelt mat, dass si Enn Mee, Ufanks Juni eng Ofschlossfeier organiséieren. D'Detailer heizou wäerten nach verschéckt ginn.*

12) ***Projets d'envergure envisagés en 2025***
*D'RefCom géif et begréisse fir bei dësem Projet kënnen ze héllefe fir och de Volet Arbitrage wieder ze entwéckelen.*

**Nächst RefCom: Dënschden de 13. Mee 2025 um 18h30 zu Stroossen.**